








# Aktioun Päiperlek

De SICONA, d'SNL, d'ABIOL an den natur musée invitéieren lech häerzlech op hier zwee Päiperleks-Bestëmmungscoursen:

### Fir Ufänger:

## Päiperleke kenneléieren a bestëmmen

**Samschdeg, den 8. Juli vun 10 bis 16 Auer**

Interesséiert Dir lech fir Päiperleken? Wëllt Dir si méi genee kenne léieren? Wësse wéi een di verschidden Aarte ënnerscheede kann a wou se liewen? Wann Dir dëst a méi wëllt gewuer ginn, dann invitéiere mir lech häerzlech op eise Päiperleksbestëmmungsdag fir Ufänger!

### Fir Fortgeschrattener:

## Päiperleks-Kenntnisser verdéiwen

**Samschdeg, den 29. Juli vun 10 bis 16 Auer**

Falls Dir schon kënneg am Räich vun de Päiperléke sidd a méi iwwert méi speziell Aarten kenneléiere wëllt oder op den Ufänger-Cours opbauen wëllt, dann huelt Deel un eisem zweeten Bestëmmungsdag fir Fortgeschrattener!

Béid Coursen fannen am Regionale Biodiversitéitszentrum zu Olm (12, rue de Capellen) statt.
Mir treffen eis am Biodiversitéitszentrum fir eng theoretesch Aféierung zum jeweilegen Thema. No engem Picknick bilde mer Fahrgemeinschaften a fueren op Sitten, wou mir zesummen um Terrain no interessanten Aarte sichen (Destinatioun: Bartreng/Stroossen).
Bréngt äre Picknick, Gezei, dat dem Wieder entsprécht, a fest Schung mat. Wie scho Bestëmmungsbicher huet, kann déi och matbréngen. Alles anescht kritt Dir gestallt.

Umelle kann ee sech bis de **26. Juni** beim SICONA ënnert der Telefonsnummer 26 30 36 27 oder ënnert der E-mail-Adress manon.braun@sicona.lu. De Cours gëtt op Lëtzebuergesch gehal.

D'Coursen gi vum INAP unerkannt.

snl.lu — Groupe de recherche entomologique de la SNL

SICONA Naturschutzsyndikat

ABIOL — Association des Biologistes Luxembourgeois

natur musée — mnhn.lu








